

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, de 6. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäßt, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "EU-Kommission will Käfighthaltung von Nutztieren beenden", deen den 1. Juli am Tageblatt publizéiert gouf, war ze liesen, datt d'EU-Kommissioun bis 2023 eng legislativ Initiativ wëll presentéieren, déi, déi landwirtschaftlech Käfeghaltung bis 2027 komplett géif verbidden.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

- 1) Wéi steet d'Regierung zu déser Initiativ?
- 2) Plangt d'Regierung parallel zu der annoncéierter EU-Etude zu de Follgekäschten, eng entsprechend national Etude, déi sech spezifesch op eis landwirtschaftlech Struktur bezitt? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung déi betraffe Bauere mat anzebannen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
**Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural**

N° 4614
Reçue le 03.08.2021

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.:

Monsieur Marc HANSEN
**Ministre aux Relations avec le
Parlement**

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 03.08.21

Objet: Question parlementaire n° 4614 de l'honorable Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Romain SCHNEIDER



Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°4614 de l'honorable Député Jeff Engelen

Wéi am Artikel “EU-Kommission vill Käfighthaltung von Nutztieren beenden”, deen den 1. Juli am Tageblatt publizéiert gouf, war ze liesen, datt d’EU-Kommissioun bis 2023 eng legislativ Initiativ wëll presentéieren, déi, déi landwirtschaftlech Käfeghaltung bis 2027 komplett géif verbidden.

1. Wéi steet d’Regierung zu dëser Initiativ?

Wéi all Initiativ, déi zum Déierewuel bäidréit, ännerstëtzt d’Regierung och dës Initiativ.

2. Plangt d’Regierung, parallel zu der annoncéierter EU-Étude zu de Folgekäschten, eng entspriedend national Étude, déi sech spezifesch op eis landwirtschaftlech Struktur bezitt? Wa jo, wéi gedenkt d’Regierung déi betraffe Bauere mat anzebannen?

Den Ament ginn et keng konkret Pläng fir sou eng Étude duerchzeféieren. D’EU-Étude kann Hiweiser ginn, awéifern sou eng Étude op nationalem Terrain Sënn géif maachen an och duerchféierbar ass, fir aussokräfteg resp. valabel Resultater ze kréien, a wéi d’Bauer en dann am Beschten agebonne kënne ginn.
